# Formatioun
## am Kader vum
## International Day Against Homophobia, Biphobia and Transphobia
## an de Jugendhaiser

De 17. Mee ass all Joer den **International Day Against Homophobia, Biphobia and Transphobia,** kuerz IDAHO(BI)T.

Fir 2022 hunn sech den *Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen (DLJ)* an de *Centre LGBTIQ+ Cigale* e Konzept iwwerluecht, fir den Dag zesumme mat de Jugendhaiser ze feieren.
D'Iddi ass, dass d'Jugendhaiser de 17. Mee 2022 mat hire Jonken Aktioune ronderëm d'Thema Homo-, Bi- an Transphobie maachen, fir déi Jonk an och de Grand Public ze sensibiliséieren.

Fir dat méiglech ze maachen, organiséiere mir eng Formatioun fir d'Jugendaarbechter*innen, déi iwwer zwee Moienter**, den 9. an de 16. Mäerz,** geet. Hei gitt dir méi zum Thema gewuer, kënnt är Froe stellen a kritt Outile fir déi Jonk ze sensibiliséieren a flott Aktiounen ze plangen.

**Den 9. Mäerz ass d'Sensibilisatiouns-Formatioun *Diversité corporelle, sexuelle et de genre.*** Dëst ass eng Aféierung an d'Thematik a bitt en Iwwerbléck iwwert déi kierperlech, geschlechtlech a sexuell Villfalt.

**De 16. Mäerz** gi mir dann an d'**Reflexioun** an hëllefen iech den **IDAHO(BI)T beschtméiglechst virzebereeden!**

D'Formatioun besteet aus den zwee Deeg. Fir Persounen, déi d'Sensibilisatiouns-Formatioun mam Centre LGBTIQ+ Cigale schonn eng aner Kéier gemaach hunn, ass den 9. Mäerz fräiwëlleg, mee kann awer als Opfrëschung déngen.

**Wéini:**

**Mëttwoch, 09.03.2022**
*9h00 bis 13h00*
Sensibilisatiouns-Formatioun:
Diversité corporelle, sexuelle et de genre

**Mëttwoch, 16.03.2022**
*9h00 bis 13h00*
Reflexioun a Virbereedung
fir den IDAHO(BI)T

**Plaz:**
DLJ - 87, route de Thionville L-2611 Luxembourg

**Sprooch:**
franséisch (Iwwersetzung méiglech)

**Umeldung:**
bis den 28.02.2022
iwwert folgende Link:
https://forms.gle/T8LHzBjHVnr2ymNm8

DAACHVERBAND VUN DE LËTZEBUERGER JUGENDSTRUKTUREN

CENTRE LGBTIQ+ CIGALE